ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Kulturminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

An engem Tageblatt-Interview vum 26. Oktober 2018 gëtt den Här Verwaltungsdirekter vun der Kulturfabrik (Kufa) zu Esch, folgendermoossen zitéiert:

*„Was „Claude Wiseler live" betrifft, hat die CSV den Saal für einen Abend gemietet. Das machen aber alle anderen Parteien auch."*

Zousätzlech seet den Här Direkter vun der Escher Kulturfabrik nach dat hei:

*„Nur die ADR werden wir nicht annehmen. In diesem Punkt sind wir sehr deutlich."*

En Arrêté grand-ducal vum 23. Juli 2016 gëtt der Escher Kulturfabrik als Etablissement de Statutt vun der «utilité publique». Am Gesetz vum 21. Abrëll 1928 (Mémorial: A23) iwwert d'Dispositioune vum Charakter vun der «utilité publique» steet geschriwwen:

«*Les administrateurs d'un établissement d'utilité publique ont les pouvoirs qui leur sont conférés par les statuts.*» (Art.38)

D'Statutte vun der Escher Kulturfabrik (Refonte des Statuts *Centre Culturel Kulturfabrik Asbl*, Association sans but lucratif/07.09.2015/ R.C.S. Luxembourg F 3.732) loossen, wat déi politesch Ausriichtung vun der Kulturfabrik ugeet, kee Spillraum fir Zweifel :

«*L'Association est neutre sur le plan idéologique, politique et confessionnel.*» (Art.2)

D'Ausso vum Här Direkter vun der Kulturfabrik am Hibléck op d'ADR schéngt doweinst am Widdersproch mat de Statutte vun der Kufa ze stoen. D'Politesch Neutralitéit ka jo wuel net heeschen, eng demokratesch gewielte Partei auszeschléissen.

D'Kulturfabrik vun Esch gëtt als a.s.b.l. opgrond vun hirem Statut an hiren Aktivitéite finanziell vun der Regierung ënnerstëtzt.

Dowéinst wéilt ech der Madame Kulturminister an dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1. Opgrond vu wéi enge legale Critèrë gëtt d'Kulturfabrik vum Staat finanzéiert ?
2. Ass d'Madame Minister där Meenung, datt eng Associatioun, déi hir Statutten net respektéiert, vum Staat soll finanziell ënnerstëtzt ginn?
3. Ass d'Regierung bereet, fir d'«utilité publique» vun der Escher Kulturfabrik ze iwwerpréiwen, well d'Qualitéit vun der «utilité publique» opgrond vu Statutten zouerkannt gouf, déi déi politesch Neutralitéit vun der Kulturfabrik virschreiwen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten